

Lëtzebuerg, de 15 décembre 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturministesch weiderzeleeden:

„Dat ganzt Joer 2021 ass um Haaptsite vun der Schiereener Villa „op der Wieschen“ guer keng Aktivitéit gewiescht. Op fënnef anere Plazen zu Schieren ass während dësem Joer awer normal weider gegruewe ginn.

Effektiv, läit de Site ënnert dem Zelt um Haaptsite vun der Réimervilla nach genee d'selwecht do, wéi bei der leschter Ministeschvisitt.

Bei der Visitt vun de Ministesche fir Kultur an Ëmwelt haten déi zwou Dammen den Optrag ginn, e Konzept fir um Site vun der Wieschen eng nohalteg Valorisation no de Richtlinne vu Kultur an Ëmwelt auszeschaffen. Dëst fir éischtens de Musée ze entlaaschten, well do net méi vill Plaz ass, an zweetens fir och dem Norden, a speziell enger zukünfteger Nordstad, eng kulturell Attraktioun ze verschafen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:

- 1. Gëtt et e bestëmmte Grond firwat ausgerechent op där archeologesch wäertvollster Plaz während engem ganze Joer näischt geschitt ass ?*
- 2. Ass vum CNRA e konkrete Projet proposéiert oder virgeluecht gi fir eng nohalteg Valorisation no de Richtlinne vu Kultur an Ëmwelt auszeschaffen ?*
- 3. Wat ass de Status vun der zweeter Sendung vu Stécker vun der Wandmolerei, déi op Soissons geschéckt gi war.*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

4. *Gëtt et schonn éischt Konklusiounen zu der Analys vun den Iwwerreschter vu Fresken, déi 2017 op Soissons transferéiert gi waren?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten